ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

# Faillitte-Erklärung vun der Regierung: "Dräi Eechele" ginn zougemaach!

*Pressematdeelung vum 16. Juli 2020*

Fir d'Sécherheet gëtt de Site "Dräi Eechelen" zougemaach, huet dem François Bausch säin Transport- a Bauteministère elo decidéiert. Datt ass eng duebel Faillitte-Erklärung, well den nämmlechten Här Bausch jo och nach Arméi- a Policeminister ass an dowéinst all Fiedem an der Hand huet, fir esou Incivilitéite wéi op den "Dräi Eechelen" ze verhënneren.

700 kg illegal entsuergte Knascht den Dag an eng Kläpperei am Kader vu private Fester op deem Site, doen de Staat kapituléieren. Dat ass en Aarmutszeechen. Ausserdeem hätt een an där nämmlechter Logik och verschidde Stater Quartiere scho laang missten zoumaachen.

D'ADR fuerdert vun der Regierung, dat, wat och all Bierger vu senger Regierung däerf erwaarden. Dat ass, fir Uerdnung ze suergen an ze verhënneren, datt Leit, duerch onziviliséiert oder kriminellt Behuelen, d'normaalt Liewen hei am Land schwéier oder onméiglech maachen. Dat ass eng Ur-Aufgab vun engem Staat, dee sech respektéiert. An dës ass net domat geléist, datt Plazen, wou de Staat dës Uerdnung net garantéiere kann oder wëll, einfach zougemaach ginn. Et ass net, well dës Regierung fäert, hirer Police de längst iwwerfällege "Platzverweis" zur Hand ze ginn, datt ee soll ëffentlech Plazen aus dem ëffentleche Liewe verweisen. Well gestrooft gëtt domat jo just dee Bierger, dee sech korrekt verhält an och gär géing owes eng Kéier op den ''Dräi Eechelen" spadséiere goen.

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742
ADR – Parti politique 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel.: (+352) 2620 3706